

Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Mee 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d' Häre Schoul- an Héichschoulminister weiderzeleeden.


D'Reform vun der franséischer Sprooch vu 1990 gött elo trotz Kritik vu ville Leit an de Schoulbicher fir d'Schouljoer 2016-2017 konkret. An deem Kontext stelle sech mir e puer Froen, déi ech wollt un d'Häre Schoul- an Héichschoulminister stellen:

1. Wat fir Auswierkungen huet d'Akraafttriede vun der franséischer Sproochreform vu 1990 op d'Lëtzebuenger Schoul an Héichschoul?
2. Gött et fir d'Enseignanten an der Grondschoul a fir Enseignante vum Franséischen am Secondaire a Postsecondaire eng eenheetlech Formatioun, wou si déi nei Orthographie kënnen léieren? Heiheim oder am Ausland? Fräiwëlleg oder obligatoresch?
3. Zwou Lëtzebuenger Zeitungen hunn iwwer de Weekend géigesätzlech iwwer dese Punkt geschriwwen: Wierkt sech déi franséisch Decisioun op d'Lëtzebuenger Schoulbicher aus a mussen dës geännert ginn oder net? Gött et en Datum, wéini dës Lëtzebuenger Schoulbicher mussen an der neier Rechtschreiwung sinn? Wär et e Grond, Schoulmaterial vun auslännesche Verläg net méi an de Programm vun de Lëtzebuenger Schoulbicher ze huelen, wann déi net mat de neie Regele konform wäeren?
4. Ginn déi nei Regeln an der Lëtzebuenger Grondschoul agefouert? A wéi engem Schouljoer, 2016 oder méi spéit?
5. Gi Schüler bestrooft, déi weider déi al Rechtschreiwung gebrauchen oder gött den Iwwergang vun där aler zur neier Rechtschreiwung flexibel gehalen?

Een Argument fir eng „vereinfacht“ Ortographie war jo, wéi schonn an Däitschland 2004-2006, datt vill Kanner mat den ale Regele Schwieregkeeten haten an datt d'Reform d'Sprooch géing méi einfach maachen.

6. Ass hei zu Lëtzebuerg ënnersicht ginn, op a wa jo wat fir eng Auswierkungen d'Reform vun der däitscher Rechtschreiwung op d'Resultater an deem Fach hat?
7. Sinn de Ministere wëssenschaftlech Etuden oder Statistike aus Däitschland bekannt, déi beleeën géingen, datt no der Reform manner Kanner an der Sprooch duerchfalen wéi virdrunn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



Luxembourg, le 5 juillet 2016

Affaires générales

Monsieur le Président de la Chambre des  
Députés  
19, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur à la question parlementaire N° 2089 du Député Fernand Kartheiser**

Wat dem honorablen Deputéierten Fernand Kartheiser seng Froen zu den Ännerungen an der franséischer Orthographie ugeet, verweisen ech op meng Äntwert op d'parlementaresch Fro 2075 vum honorablen Deputéierten Claude Haagen.

Wat d'Aféierung vun der neier Rechtschreiwung am Däitsche betrëfft, kann een, am Géigesaz zu deem wat am Fransésche virgesinn ass, nawell wierklech vun enger Rechtschreibreform schwätzen. An deem Kontext muss ee fir d'alleréischt natierlech feststellen, datt d'"Ëmschalten" op nei Reegele fir déi eeler Schüler – grad ewéi fir äis Erwuessen – dach eng Erausfuerderung duergestallt huet a vill méi schwéier war ewéi fir déi Kanner, déi direkt mat den neie Schreifreegelen alphabetiséiert goufen an ni eng aner kannt hunn.

Esou wéi déi ganz Reform hir Géigener an hir Befürwörter hat, gött et och zanterhier Etuden, déi behaupten, déi Reform hätt Fortschrëtt bruecht oder vill Nodeeler. Insgesamt kann ee festhalen, datt si sech duerchgesat huet a linguistesche Kohärenzen ëmsetzt vun deenen een didaktesch Virdeeler kann ofleeden, esou virun allem d'Stammschreibung.

Nawell gött et wëssenschaftlech Ënnersichungen, déi zur Konklusioun koumen, datt no der Rechtschreibreform am Däitschen d'Schülerinnen an d'Schüler net nëmme méi Feeler schreiwen, ma dat grad och nach an deene Beräicher wou gemengt gouf, d'Reform géif Vereinfachungen a Kohärenz bréngen, wéi zum Beispill beim <ß>, der Groß- und Kleinschreibung oder de Komposita. Dës Recherchë soll ee sécherlech sériëse huelen, ma si hunn als grouss Schwächt, datt et kaum e Peergroup gött, deen e synchrone Verglach erméiglecht, well jo kaum nach e Kand déi al Orthographie léiert. Deemno vergläicht een hei net nëmme Reegelwierker, ma och Generatiounen vu Schülerinnen a Schüler mat hiren Astellungen an hire Kompetenzen aus engem ganzheetleche Bléckwénkel.

A ville Sproochen a Kulture ronderëm d'Welt gött festgestallt, datt d'Rechtschreiffertegkeeten a – kenntnisser bei der Schülerpopulatioun ofhuelen. Grammatik a Rechtschreiwung hunn hire Stellewäert verluer am Zäitalter vum Computer. Grammatik a Rechtschreiwung hu virun allem awer an der Sproochendidaktik nëmme méi eng "dienende

Funktion" zanter den 1980er Joren, wou de kommunikative Sproochenunterricht sech duerchgesat huet, och zu Lëtzebuerg.

D'Lëtzebuenger Schoul leet nach ëmmer vill Wäert op d'Vermëttlung vun der Rechtschreiwung a verlaangt vun de Schülerinnen a Schüler eng uerdentlech Präsentatioun vun hire Produktiounen, och mëttels enger propperer Schrëft. Esou ginn zum Beispill bei der Alphabetiséierung am Cycle 2.1 vun Ufank un och déi entspriechend Rechtschreifreegelen a -strategien mat vermëttelt. Ma haaptsächlech léiert een eng Sprooch fir sech auszudrécken a fir eppes ze verstoen. Déi viséiert Kärkompetenze sinn am Sproochenunterricht "Hörverstehen", "Leseverstehen", "Schreiben" a "Sprechen", woubäi beim "Schreiben" et haaptsächlech ëm de kommunikativen a manner ëm de formellen Aspekt geet. An deene véier Kärkompetenze ginn d'Kanner och gréisstendeels gepréift an evaluéiert, dat esouwuel an den Tester, déi vum Léierpersonal konzipéiert ginn, ewéi an den nationalen Epreuen. Deemno ass eng Äntwert op d'Deelfro 6 leider net méiglech.



Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche